N° 8384
Entrée le 17.10.2023

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Direction de la coopération
au développement et
de l'action humanitaire

**Äntwert vum Här Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten op d'parlamentaresch Ufro n° 8384, deposéiert den 17 Oktober 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement**

**Äntwert op d'Fro 1:**

D'Direktioun fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten vum Aussen- an Europaministère verfollegt d'humanitär Situatioun an der Gazasträif ganz enk. Déi zoustänneg Zerwisser hunn d'Opriff fir Noutënnerstëtzung vu verschiddenen internationalen Organisatiounen, dorënner och déi vun der UNRWA, analyséiert.

Wéi de 24. Oktober annoncéiert, wäert Lëtzebuerg eng finanziell Ënnerstëtzung fir déi humanitär Hëllef an der Regioun ginn, déi vun der UNRWA, mee awer och vun aneren internationalen Organisatiounen, wéi dem Internationale Komitee vum Roude Kräiz (CICR), dem Welternierungsprogramm vun de Vereenten Natiounen (PAM), dem Koordinatiounsbüro fir humanitär Ugeleeënheeten (OCHA) an dem Norwegian Refugee Council (NRC) geleescht gëtt.

Et ass och virgesinn, déi zwou lëtzebuergesch ONGen Handicap International Luxembourg a Caritas Luxembourg bei hiren humanitären Interventiounen am Libanon an am Westjordanland ze ënnerstëtzen.

**Äntwert op d'Fro 2:**

Als Reaktioun op d'Opriff fir Noutënnerstëtzung, ënnerstëtzt d'Lëtzebuerger Kooperatioun déi humanitär Hëllef fir Gaza an an der Regioun mat engem Gesamtmontant vun 2,5 Milliounen Euro. Dës Kontributioun dréit virun allem dozou bäi, Noutënnerkënft, Liewensmëttel a psychologesch, gesondheetlech a schoulesch Ënnerstëtzung bereet ze stellen.

Dëse Montant beinhalt eng Contributioun vun 1,2 Milliounen Euro un d'Aktivitéite vun der UNRWA an der Gazasträif.

Lëtzebuerg, den 30. Oktober 2023

Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire

(s.) Franz Fayot